Association des Biologistes Luxembourgeois

Mee 2014

ABIOL – News 2014-2

Nei Presidentin

Bei der éischter Reunioun vum neie Comité de 17. März 2014 goufen d'Chargen nei verdeelt, a fir d'éischt an der Geschicht huet d'ABIOL elo mam Marianne Hoffmann elo eng nei Presidentin. D'Marianne huet dës Charge vum Serge iwwerholl, deen zougesot huet eis als Comitésmember weider tatkräfteg ze ënnerstëtzen. D'Marianne ass schonns laang Member vun der ABIOL an huet a méi kriddlegen Zäiten als Sekretärin zesumme mam fréieren Direkter vum natur musée, dem Norbert Stomp, d'ABIOL an der Riicht gehal. D'Marianne schafft am natur musée als Chef de service vum Service éducatif.
Sekretär resp. Tresorier bleiwen de Jacques Pir respektiv de Jeff Kohnen. Weider Memberen vum Comité sinn: Sandra Falsetti, Philippe Jeitz, Serge Kelsen, Carole Koerperich, Annick Halsdorf, Thierry Marx, Sandra Tanson a Mike De Vos.

Foto: Fränz Schneider

Nei:

Visite mat Degustatioun vu Biowäiner vum Domaine viticole Krier-Welbes mat uschléissendem Iessen: Donnëschdes, den 5. Juni 2014 ëm 18.00h zu Elleng-Gare

DOMAINE VITICOLE KRIER WELBES ELLANGE-GARE

Gegrënnt gouf den Domaine viticole Krier-Welbes am Joer 1957. Den Guy Krier huet den Betrib 1993 iwwerholl a mëttlerweil sinn aus 3,5ha 10,5ha Wéngerte ginn, déi säit 2009 no de Reegele vum Bio-Wäibau bewirtschaft ginn. (http://www.krier-welbes.lu/).

Dono gi mer, fir déi déi wëllen, zesummen e Maufel iessen an de Bistrot Gourmand zu Remerschen (Kleng Kaart) (http://www.bistrotgourmand.lu/)

Mëllt iech w.e.g. un bis den 2. Juni 2014 ënnert secretariat@abiol.lu (Wäindegustatioun oder/an Iessen).

Erënnerung:

Excursioun : Sonndes, den 1. Juni 2014 ëm 14.30h bei der Gare zu Schuller/Dippech

Vu Glatthaferwisen, Pfeifengraswisen a Sumpfdotterblummewisen: D'Vilfalt vun de Wisen bei Dippech.

Dr. Simone Schneider (SICONA)

D'Wisen an der Bitschenheck gehéieren ze deene wäertvollste Wisen. Mir weisen iech op eiser Excursioun dës schéi Wisen, déi en europawäite Schutzstatus hunn an Deel vum europäesche Schutzgebittnetz NATURA 2000 sinn. Et ginn déi verschidde Wisegesellschaften virgestallt, vun de Glatthaferwisen, iwer Pfeifengraswisen bis hin zou de Sumpfdotterblummenwisen. Nieft den Erklärungen zu den typesche Planzen wéi de Wisentypen, erfuert dir eppes doriwwer wéi d'Ökosystem Wiss funktionéiert.
Den Tour dauert ca. 2,5 Stonnen. D'Explikatioune sinn op lëtzebuergesch. **Gutt Schung, am beschte Stiwwele** virgesinn ! Des Exkursioun gëtt organiséiert vum natur musée am Kader vun der Ausstellung Schatzkëscht Buedem, an Zesummenaarbecht mat der ABIOL, de Frënn vum natur musée an der SNL.